# **Lëtzebuerger Landwirtschaft ënner Generalverdacht**

2 Legislaturperiode war et roueg ëm eng vermeintlech Organisatioun, déi sech op de Fändel geschriwwen huet, d'Intresse vun der Natur ze vertrieden. Lo op eemol, wou besoten Organisatioun keen direkten Zougrëff méi zu politeschen Decisiounen huet, probéieren se ëmmer erëm Decisioune vun der jetzteger Regierung ze beschmotzen. Wann een de Communiqué vum meco vum 20.11.2025 liest, kéint een als Bierger, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt zu de Konklusioune kommen, dass déi Lëtzebuerger Landwirtschaft schlecht ass an d'Natur an d'Awunner vum Land vergëft. Just déi biologesch Landwirtschaft ass dat eenzegt wat zielt, léiwer Bio aus China, wéi lokal Produkter vun heiheem, ass de Credo deen am Communiqué gebied gëtt. Dobäi gëtt den Educatiounsministère zesumme mat Restopolis als Retter vun der Lëtzebuerger Biolandwirtschaft a just si ginn de Baueren d'Opportunitéit wieder ze wuessen, well nieft der Landwirtschaft ass och de Grousshandel korrupt a wëll sech just d'Täsche fëllen, sou d'Aussoen vum meco. Zum Schluss kann ee liesen, dass d'LandwirtschaftsministeschMartine Hansen e Problem an den Ae vum Mouvement Ecologique ass, well si d'Landwirtschaft als Ganzt gesäit an esou eng Brandmauer bild, géint déi wou permanent probéieren, ee Käil tëscht eis Bauren ze dreiwen. Op dësen ideologeschen Usatz wëlle mir kuerz mat e puer Fakten reagéieren

Leider ass dee Communiqué iwwerséit mat falschen Duerstellunge bis hin zu Ligen. Hei en Auszuch, deen noleet, dass just d'Biolandwirtschaft sech géif fir Biodiversitéit a Klimaschutz asetzen *: promotion générale del'agriculture locale et, dans le cas de l'agriculture biologique, promotion supplémentaire de la biodiversité, de la protection du climat, des animaux et de la santé* (Auszuch aus dem Communiqué : Dossier-Restopolis-Agriculture-biologique-marketing-et-distribution vum Meco). De Beweis gëtt awer net bruet, dass et an der konventioneller Landwirtschaft keng Biodiversitéit gëtt an et gëtt och net bewisen, dass et an der Biolandwirtschaft méi Biodiversitéit gëtt. Et gi just al Floskele gebetsmühlenarteg widderholl, bis d'Membere vum Mouvement se selwer gleewen an duerno dann och de Grand Public dat glewwe muss. Wien awer d'Aen op mécht a kritesch hannerfreet, gesäit, dass déi Ausso do grondfalsch ass. De

Mouvement probéierte e Käil tëscht de Biolandbau an déi klassesch Landwirtschaft ze dreiwen.

Zanter 2 Joer gëtt et d'Plattform *Supply4future*, wou een als Produzent seng Wueren ubidde kann, fir dass se an d'Kantinne vum Secondaire kënne geliwwert ginn. All Dag duerchlafen déi ugebuede Wueren den Auswahlalgorythus. Op Drock vum Mouvement goufen d'Auswielcritèren elo esou festgehalen, dass e Bioprodukt 270 Punkte kritt an all Lëtzebuerger Produkt kritt der 230. All Produkt wat vun engem Site aus geliwwert gëtt, deen an engemËmkrees vun 50 km vum Zentrum vum Land ass kritt 100 Punkten an de Präis steet mat 400 Punkten an der Lëscht, woubäi et nebulös ass, fir wéi ee Präis ee wéi villPunkte kritt.

Wat ass lo heimadder erreecht ginn? Wann e Lëtzebuerger Händler e Bioprodukt aus dem noen oder wäiten Ausland liwwert, dierf et méi deier sinn, wéi vill ass net ganz kloer. Dat gëtt vum Algorithmus ausgewielt an de Lëtzebuerger Bauer steet mam Fanger am Mond do. Grad dee Lëtzebuerger Bauer, deen an de leschte Joren op Wonsch vun enger grénger Politik aus der Véizuucht erausgeklommen ass an dem politesche Wëllen zu méi Diversifikatioun nokomm ass, dee steet elo mat éierleche Produkter, déi en ënnert allen defavorabelen Ëmstänn produzéiert huet, am Reen.

Op Drock vum Mouvement ginn zanter 2 Woche keng Lëtzebuerger Poulete méi an de Kantinne ugebueden, mee just nach belsch konventionell Pouleten, déi zu zegdausenden gehale ginn. Duerfir ass et en Hohn, wann de Mouvement behaapt, dass si sech asetze fir méi Déierewuel. Och hei gouf mat politeschem Wëllen eng Filière opgebaut, well mir jo am Pouletsfleesch defizitär sinn, déi elo virum Aus steet. Restopolis huet de Lëtzebuerger Poulet als net Lëtzebuergesch declaréiert, well d'Jippelcher net vun hei sinn. Mee de Poulet ass awer iwwer 95% vun der Zäit hei zu Lëtzebuerg. Mir mussen eis d'Fro stelle wat fir een Interêt do besteet, fir déi Lëtzebuerger Landwirtschaft futti ze maachen. An enger weider Fro drängt sech op, wéi de Kommunikatiounsfloss ass, bzw. wou ass de Leak? Am Communiqué vum Mouvement stinn Aussoen, déi d'Vertrieder vun de Produzente just mat Vertrieder vun den 2 Ministèren diskutéiert hunn.

Zum Schluss vum Communiqué gëtt dann e grousst Handelshaus hei am Land massiv diffaméiert. Wat den Zweck dovunner ass, ass och schleierhaft. Fakt ass awer, dass net de Mouvement an och net d'Biolandbeweegung mat all hiren Vereenegungen a Strukturen, déi lokal Produktioun ugekierpt an um Lafe gehalen huet. E groussen nationale Supermarché huet viru méi wéi 25 Joer ugefaangen op déi lokal Produzenten ze setzen, als éischt am Fleeschberäich,duerno Uebst a Geméis. Bis haut hunn si esou 8 Filièren opgebaut, ouni e Käil ze dreiwen tëscht bio a konventioneller Landwirtschaft. D'Provençale huet an de leschten 10 Joer och zur Weiderentwécklung vun der eenheemescher Produktioun bäigedroen, andeems se Uebst-, Geméis- a Gromperenproduzenten ënnerstëtzt huet a probéiert hier Wuer um Marché ënner ze kréien. Des Weideren huet d'Provençale grad am Bio-Fleesch Pionéieraarbecht geleescht mam Bau vun enger renger Bio-Metzlerei nieft hirer besteeënder Metzlerei. E weidert Handelshaus ënnerstëtzt och den Uebst- a Geméissecteur. De Mouvement hetzt elo géint dës Ënnerstëtzung vun der Landwirtschaft. Mat wéiengem Zweck? Sollen an Zukunft déi Betriber déi sech diversifizéiert hunn, nees zréck zur Véiwirtschaft kommen? Oder soll et an Zukunft am beschte keng Landwirtschaft méi ginn hei am Land, well d'Landwirtschaft dem Mouvement en Dar am A ass? Soll all eist Iessen aus dem Ausland kommen, sou wéi et elo schonns zumDeel an de Kantinne vu Restopolis de Fall?

Mir ënnerstëtzen d'Landwirtschaftsministesch an hirer Vue,d'Landwirtschaft als Ganzt ze gesinn. Et gëtt net eng gudd an eng schlecht Produktiounsausrichtung, all Bewirtschaftsungsaart a Weis huet Vir- an Nodeeler, mee mat Ideologie kënnt een hei net weider, nëmme mat Fakten. De Mouvement schwätzt vun de Baueren fir se « *… les encourager à se convertir au bio …* ». Am Dictionnaire « Le Robert » steet d'Erklärung : convertir= Amener (qqn) à croire, à adopter une croyance, une religion (considérée comme vraie). Domadder gesäit een wat de Mouvement wierklech wëll !

Op déi falsch Undeitungen, déi net faktenbaséiert sinn, mee zum Deel aus der Loft gegraff si wëlle mir follgendes kloer stellen:

- Et gëtt just d'Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg,et gëtt net déi gutt an déi schlecht Produzenten, mee all Bauerebetrib engagéiert sech, zum groussen Deel fräiwëlleg an aus Iwwerzeegung, am Waasser-,Klima-, Natur- a Biodiversitéitsschutz!

- Eis Liewensmëttel gëllen als déi sécherst op der Welt an ënnerleien deene strengste Kontrollen, och am Beräich Ëmwelt-an Naturschutz!
- An allen ëffentleche Strukture soll e Maximum u lokale Produkter verschafft ginn, hei denke mir och u Spideeler, Kantinne vun de Fonktionnären asw.
- Den Educatiounsministère a Restopolis mussen d'Krittären vum Supply for Future esou upassen, wéi se bei der Créatioun vun deem Instrument ausgehandelt goufen.
- Ouni déi Lëtzebuerger Handelshaiser (Supermarché,wéi Grossiste) ass den Ofsaz vu Lëtzebuerger Wueren net garantéiert, well déi auslännesch Handelshaiser hu keen Interêt un enger lokaler Produktioun.
- All Diskussiounen ëm Ernärung a Landwirtschaft mussen op Fakte baséieren. Eng emotional an ideologesch Diskussioun ass net zilféierend!

Et ass traureg, datt eng Minoritéit aus dem Bio-Secteur och 2025 nach ëmmer ongerechtfäerdegt d'lokal Produktioun zu Lëtzebuerg diffaméieren an – bewosst géint d'Fakten – ënner Generalverdacht stellen, fir Onsécherheet ze schüren. Bewosst Diffamatioun a Feelinformatioun ze verbreeden ass, wéi eis déi aktuell Weltlag weist, ganz geféierlech. Méi nach: Si schued Lëtzebuerg massiv. Hei mat Ideologie ze probéieren dat ze rechtfäerdegen, ass net richteg